

Positioun déi gréng Rectifié 2018-Budget 2019

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen,

Déi gréng wëlle fir d'éischt all de Servicer a besonnesch dem Claude Freichel Merci soen fir d'Opstellen vum Budget.

Déi gréng stelle fest, dass den Iwwerschoss am ordinären Budget 2019 em bal 1.3 Mio par Rapport zu 2018 klëmmt an dee schonn em bal 2.9 Mio méi héich wuar wéi 2017. Et kann een also soen, dass mer zanter der Gemeengefinanzreform méi Iwwerschoss am ordinäre Budget hunn. Dëst ass natierlech eng gutt Noriicht, well mer domat eng Planungssécherheet fir eis Extraordinär Projeten hunn. Mäer müssen awer weiderhin d'ordinär Dépensen am A behalen well mer momentan eng gut wirtschaftlech Konjunktur hunn, déi och erëm eng Kéier ka manner gutt sinn.

Positiv ass och, dass de Budget mat enger virsiichteger Approche opgestallt gëtt, sou dass am Compte d'Situatioun bis lo ëmmer besser wuar wéi se am Budget presentéiert ginn ass. Sou schléisst de Compte 2017 mat engem Iwwerschoss vu 6.7 Mio während der 4.1 Mio am Budget an 3.9 Mio am Rectifié stoungen.

E wichtege Critère fir d'ordinär Depensen ass d'Masse salariale. Rechent een d'Salairien all zesummen, kënnst een op eng Masse salariale brute vu +/-16 Mio. Bei ordinären Depensen vu 34.7 Mio mëscht dat e Ratio vun der Masse salariale brut par Rapport zu den Depensen vun ongeféier 46%. Dëst ass an der Rei als Rapport, e klëmmt awer par Rapport zum Joer virdrun, wou e bei 44.5% lung.

Wëllt ee méttel a laangfristeg dese Rapport ënnert 50% stabiliséieren, fir de korrekte Fonctionnement vun deene verschiddenen Servicer op der Gemeng ze garantéieren an eventuell auszubauen fir enger moderner Gemeng gerecht ze ginn a gläichzäiteg en Iwwerschoss am Ordinären ze behalen, mat deem an der Zukunft kann an d'Gemeng investéiert ginn, musse d'Masse salariale am A behale ginn an et muss ee kucken wéi méi Recetten kënnen generéieren ginn.

D'Gesetz hëlleft an deem Punkt de Gemengen andeems et verlaangt, dass verschidden Servicer käschendeckend musse sinn, an dass d'Gemeng nom Prinzip vum Pollueur-Payeur muss un d'Bierger verrechnen. D'lescht Woch hu mer dofir d'Taxen beim Waasser, Ofwaasser an Offall ugepasst fir erëm konform zum Gesetz ze sinn. Hei wuar en Desequilibrium entstanden, well déi Taxen scho laang net méi ugepasst gi wuaren, virun allem beim Waasser an Ofwaasser, well do e komplett neit Taxenreglement huet missten opgestallt ginn, wéi de Buergermeeschter an den Här Goedert aus dem Service technique eis dat d'lescht Woch erkläert hunn, wat Zäit gebraucht huet. Haut passe mer dann och nach verschidden aner Taxen un.

Kuckt een déi extraordinären Depensen stellt ee fest, dass 2018 vill an der Gemeng investéiert ginn ass an dass och 2019 weider vill investéiert wäert ginn. Sou stinn bei den Depense extraordinaire 2018 22.6 Mio am Budget an 18.8 Mio am Rectifié a fir 2019 stinn 15.7 Mio am Budget. Dëst ass manner wéi zweschend

2014 an 2017, wou vill Fusiounsprojeten ëmgesat gi sinn. Elo komme mer erëm méi an d'Normalitéit zeréck, och wa nach verschidden Fusiounsprojeten ëmgesat musse ginn.

Déi gréng wëllen hei profitéieren fir op verschidde Projeten oder politesch Choixen vun dëser Majoritéit anzegoen.

Sou ass et de Choix vun dëser Majoritéit fir aktiv ze sinn am Kader vum Klimapakt a Klimabündnis. Fir visibel ze maachen wat gemaach gëtt an deem Beräich steet am Budget dobäi wa Suen bei engem Projet am Kader vum Klimapakt investéiert gi sinn. Dëst ass net ëmmer einfach ze chiffréieren oder ze soen, wat dann elo genau am Kader vum Klimapakt gemaach ginn ass a wat net.

Neie Gebaier ginn wann, et nëmme méiglech ass, am AAA geplangt. Dëst ass z. B. beim Treff zu Bascharage a beim Precoce a Spillschoul vu Kéinzig gemaach ginn a wäert och sou weider goen. Zousätzlech gëtt och probéiert fir des Gebaier ze notzen fir erneierbar Energie ze produzéieren. Sou steet um Treff eng PV-Anlag déi de produzéierte Stroum an d'Netz aspeist, während um Precoce a Spillschoul zu Kéinzig eng PV-Anlag mat enger Batterie virgesinn ass déi et erlaabt de Stroum fir Eegenotzung ze gebrauchen.

Eng weider Gemenge PV-Anlag mat Eegenotzung wäert op den Dag vun de neien Gemengenateliere kommen.

Bestoend Gebaier ginn, do wou et néideg a sënnvoll ass, no a no sanéiert fir se méi energieeffizient ze maachen.

Am Kader vun der Mobilité douce baue mer eist Netz vun Vëlosboxen aus, dass d'Leit hier Vëloen sécher an drëschen kënnen ofstellen.

Eis Bierger sollen och weider hin, wann de Subventiounskatalog dann haut ugeholl gëtt, ënnerstëtzt ginn fir erneierbar Energie ze produzéieren oder hier Haiser energieeffizient ze sanéieren. Ausserdeem kréien se weider hin e Subsid vun 200€ wann si sech en Elektro-Vëlo ugeschaaft hunn.

An deem Beräich ass et awer och wichteg, dass d'Bierger informéiert a sensibiliséiert ginn. Dofir gëtt all Joer zesumme mam Energie Park Réiden eng Sensibiliséierungscampagne ausgeschafft. Parallel dozou probéiert d'Gemeng iwwert de lokale Muart oder den Energie- a Mobilitéitsdag de Bierger Problematik vum Klimawandel méi no ze bréngen.

Och intern an der Gemeng gëtt sensibiliséiert an et ginn Efforte gemaach fir méi klimafrëndlech ze ginn. Sou sinn a ginn z. B. souwuel Elektro-Autoen a -Vëloen fir verschidden Servicer vun der Gemeng kaaft.

D'Gemeng investéiert awer och 2019 fir 2.3 Mio. a nei Kläranlagen, dass eist Ofwaasser dono propper an d'Natur kann zerécklaffe gelooss ginn.

Frou si mer och, dass um Dribbel e Pilot-Projet mat enger "Refill-Station" gemaach gëtt, fir d'Leit dozou ze bréngen manner Waasser a Plastikfläschen ze kafen. Falls dat gutt fonctionnéiert kann een dat jo och op anere Plazen ëmsetzen.

Flott Projeten sinn och de Schoulguart op Acker an de Jardin communautaire. Am Schoulguart sollen d'Kanner aus der Schoul an aus der Maison Relais de Guart an alles wat ronderëm de Guart dréint, méi no bruecht kréien. Am Jardin communautaire sollen d'Bierger en Terrain zur Verfügung gestallt kréien wou si gemeinsam e Guart kënnen bedreiwen, mam Ziel fir zesummen lokaalt a pestizidfreit Geméis unzebauen.

Nierwend dese méi nohaltege Projeten sinn awer och vill aner Projeten ëmgesat ginn oder sinn an der Ëmsetzung oder sollen 2019 ulafe gelooss ginn.

Bei de Projeten déi 2018 ofgeschloss gi sinn wollten déi gréng verschiddener ervirsträichen.

Mär si frou, dass d'Piscine op Acker erëm op ass fir d'Schüler an d'Leit aus den Owescoursen, och wa mer gären op déi noutwenneg Sanéierungskäschte vun 2 Mio. verzicht hätten.

Den Treff zu Bascharage an d'Mise en Conformité vun der Kéinziger Schoul si fäerdeg ginn grad sou wéi de Parking vu Kéinzig, wou och eng Borne steet fir Elektro-Autoen opzelueden.

D'Rue de la Résistance suert elo fir Verkéiersberouegung am Zentrum vu Bascharage, och wann dat heiansdo op eng bosseg Manéier geschitt.

Nach net ofgeschloss sinn d'Transformatiounen fir den Office sociale, dee geschwënn kann a nei, méi grouss an a méi adaptéiert Raimlechkeeten plënneren.

Bei de Studentewunnengen, déi an déi al Museksschoul kommen, soll et 2019 richtig lass goen.

Da gëtt de Parc am Päsch zu Uewerkäerjeng am Fréijoer fäerdeggestallt, deen ab dann als Lieu de Rencontre zu Uewerkäerjeng ka genotzt ginn.

E wichtege Projet ass och de Precoce a Spillschoul vu Kéinzig. Wann d'Kanner do erageplënnert sinn kann dann och deen ale Precoce fir d'Scouten ëmgebaut ginn, dass si och méi en adaptéiert Lokal zur Verfügung hunn.

Wat de Stroossebau ubelaangt soll 2019 d'rue Aubart, d'rue de Fingig an d'rue des Près mat der rue Belair fäerdeg ginn. Dono kann dann zu Uewerkäerjeng d'Rue Thiry, Roth a Muschand ugefange ginn.

2019 soll awer och de Bvd. Kennedy an Ugrëff geholl ginn. E Projet deen un de Projeten hänkt fir d'Strooss op Suessem em 6 Meter méi déif ze leeën, fir dass

d'Emgeehungsstross ka mat enger Bréck driwwer fueren an um Projet fir e Parkhaus bei d'Gare ze bauen. Alles noutwendeg Projeten fir d'Liewensqualität an der Gemeng ze verbesseren, déi awer während hirer Exekutioun vill Nerve wäerte kaschten a wou d'Erausfuerderung dra besteet d'Nuisancen fir d'Awunner sou niddereg wéi méiglech ze halen.

Gespaant si mer op de Projet fir de Schoulhaff op Acker ze reamenagéieren, wou méi Sportanlagen an eng Spillplaz soll hikommen, dass och Bascharage eng grouss Spillplaz kritt, sou wéi mer se zu Kéinzig schonn hunn. E Projet dee mat der Bedeelegung vun de Kanner ausgeschafft ginn ass.

Gutt ass och, dass d'Gemengenateliere vergréissert ginn, sou dass d'Hall 75 ka geraumt an ofgerappt ginn fir Plaz ze maachen fir d'Spillschoul mat Maison Relais déi do geplangt ass.

A Planung fir 2019 an dono ass dann och nach de Festsall vu Kéinzig, wou nach e Projet muss ausgeschafft ginn, grad wéi de Bommertbësch, wou genau muss analyséiert ginn wat een do ka maachen enger Säit wéinst den Ëmweltoplagen an anerer säit wéinst dem Eichenprozessionsspinner.

D'Gemeng huet sech och virgeholl Wunnengen fir Flüchtlingen déi de Statut kritt hunn fir heizebleiwen, ze kafen, dass se eng Méiglechkeet hunn fir méi gönschteg ze wunnen, bis se eng Wunneng um freie Muart fonnt hunn.

Dëst passt natierlech ganz gutt bei d'Flüchtlingsstrukturen déi op Acker 2019 operéiert ginn. E Projet wou d'Gemeng sech awer och wëll aktiv këmmere an de Leit, déi an deenen Strukturen wäerte wunnen, hëllef sech zu Käerjeng ze integréieren.

E weidere nationale Projet deen op Acker gebaut gëtt ass d'Altersheim. Endlech kënn et zu der Ëmsetzung vun engem Projet dee scho ganz laang zu Käerjeng erwünscht ass. Och hei muss ee kucken wéi een déi eeler Leit an d'Gemengeliewen mat agebonne kritt.

Här Buergermeeschter,

Déi gréng sinn och dëst Joer der Meenung, dass de Budget equilibréiert ass. Et gëtt an alle wichtege Beräicher an an all de Lokalitéiten aus der Gemeng investéiert.

Och geet 2018 Prokappverschëldung weider erof. Bei enger Annuitéit vun 1.22 Mio fir 2019, bei enger Depense ordinaire vun 34.7 Mio., mësch dat e Rapport vun 3.5% wat net vill ass. Déi nächst Joren wäert Schold weider erofgoen, well kee weideren Emprunt geplangt ass. Mee souguer wann et néideg wär fir en Emprunt ze maachen fir e generatiounsiwwergreifende Projet ass d'Gemeng an enger finanzieller Situatioun, déi dat géing erlaben.

Déi gréng sinn der Meenung, dass de Budget dee mer hei presentéiert kritt hunn
Käerjeng wäert weider entwéckelen an d'Dier op léist fir weider
Investissementer an dofir stëmme mär dem Budget zou.